






Och dëst Joer si mir fir den Ufank vun eiser Feschersaison op Sommedieue bei Verdun gefuer fir zesumme mat der Méck ze fëschen. 15 Fëscher an d´Marie – Paule haten sech afonnt fir um Domaine de Sommedieue ee flotten Dag ze verbréngen, Bei der Urees hunn ech mech gefillt ewéi an alen Zäiten, stoung dach fir eemol erëm dat ganzt Dall vun der Meuse ënner Waasser an och um Site selwer sinn d´Quellen, déi um Site selwer entsprangen a fir dat schéint kloert Waasser suergen, fläisseg gelaf esou dass am Auslaf vum Site vill Waasser zesumme komm ass.





Zum Gléck hate mir et awer vis a vis vun de viregten Deeg nawell gutt mam Wieder getraff och wann et géint der Metten ugefaangen huet mat reenen. Vun den Temperaturen hir ass et schonn a Richtung Fréijoer gaange wat och kee Feeler war. Ee vun eise Fëscher war schonn um Virdag ugereest an huet d´Nuecht am Lodge Hotel verbruecht an Hien huet sech begeeschtert gewissen eis Sortie op déi Aart a Weis ze erliewen ass dat dach eng Formule déi et erlaabt déi ganz Sortie ouni Stress ze genéissen, Hien war um Virdag am Nomëtten ugereest an huet dunn ee bëssen d´Fesch fir eis getest fir duerno gemittlech beim Bruno ze iessen an da schlofen ze goen. Deen aneren Dag Moies huet Hien gemittlech Kaffi gedronk an huet dunn op eis gewaart fir mat eis zesummen déi Sortie ze erliewen. Deen eenzegen Hocken un der Saach ass dass esou eng Formule zimmlech deier ass mee et ass awer eng Iwwerleeung wäert op Een et déi nächste Kéier net selwecht soll maachen.








Eis Fëscher waren alleguerte motivéiert a virun Allem frou dass et erëm lass geet mat eise Sortien no deem laangen a fiichte Wanter. Sommedieue ass ëmmer ee gudden Optakt fir an d´Joer ze starten an ass och eng vun de bescht besichten Sortien déi mir d´Joer iwwer hunn. Op dëser Plaz kann een ëmmer schéi Fësch fänke woubäi Sommedieue och bekannt ass fir mat der Nymphe a

vue ze fëschen huet een dach op dëser Plaz ëmmer kloert Waasser wat déi Technik besonnesch interessant mécht ewell ee ganz genee no vollzéie kann ewéi d´Fesch op déi jeeweilege Mécke reagéieren. Och ass Sommedieue ëmmer gutt fir aussergewéinlech grouss Forellen ze fänke wat dann och des Kéier erëm de Fall war.






















De Start an eis Saison ass ganz gelongen gewiecht an esou kann a soll et weidergoen.